



Luxembourg, le **26 JUIN 2020**

Réf. QP-38/20 – N°2277

REÇU

Par Christine Wirtgen , 10:07, 26/06/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°2277 du 27 mai 2020 de l'honorable Député Paul Galles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON

**Réponse de Madame la Ministre de la Justice, Sam Tanson, à la question
parlementaire n°2277 du 27 mai 2020 de l'honorable Député Paul Galles**

1. Den honorabelen Deputéierten freet no iwwert den Oflaf vun der Isolatioun fir déi méi grouss Zuel vu Prisonnээр wéinst dem COVID-19. Wichteg ass et hei ze betounen dass kee Prisonnээр isoléiert gouf. Et koum während der Krise effektiv zu manner Kommunikatioun tëschen den Détenuen a baussen fir d'Verbreedung vum Virus esou vill wéi méiglech ze vermeiden. Mee bannent de Maueren vum Prisong, konnten Détenuen weider hin an hire Sektoun während den normalen Zäiten fräi spazéieren. Détenuen haten och zu all Moment d'Méiglechkeet hier Famill iwwert Skype oder Telefon ze erreechen.

2. Während der Krise krut all Détenu zweemol eng Prime vu 50 Euro als Beitrag fir kennen no baussen unzeruffen. Ab dësem Mount gëtt dës Prime allerdéngs net méi ausbezueelt well d'Visiten am Prisong elo erëm erlaabt sinn.

3. Am Ufank vun der Krise war d'Stëmmung zwëschen den Détenuen an generell am Prisong selwer zimlech ugespaant. Mëttlerweil huet sech awer déi Spannung erëm geluecht an et kann een vun engem Retour zu enger normaler Situatioun schwätzen. Verschidden Moosnamen sinn während der Krise geholl ginn fir dës Spannung erof ze kréien, wéi zum Beispill hat all Détenu Recht op zwee Spazéiergäng am Haff den Dag a Platz vun engem, sie konnten am Haff Fussball spillen an d'Kantine fir Détenuen huet och Gesellschaftsspiller verkaaft. Détenuen kruten zweemol eng Prime fir no baussen unzeruffen an et gouf hinnen méi Méiglechkeet ginn fir der Famill iwwert Skype unzeruffen.

D'Administration Pénitentiaire huet och verschidden Moosnamen geholl fir d'Angscht virun der Pandémie bei den Détenuen esou gudd wéi méiglech wegzehuelen. Am CPL gouf, duerch Affichen déi a verschidden Sproochen iwwersat goufen, eng grouss Informatiounscampagne lancéiert. Et goufen och Masken un den Détenuen verdeelt an d'Klenschen vun den Dieren an aner sensibel Infrastrukturen goufen oft desinfizéiert. Méi Infirmieren goufen um Terrain agesat fir dass all Détenu d'Méiglechkeet hat seng Froen direkt un qualifizéiert Personal ze stellen an all Détenu deen en Doute hat, den Virus eventuell ze hunn gouf automatesch direkt getest.

All dës Moosnamen hunn den Détenuen gewisen dass um Terrain grouss Efforten gemaach ginn sinn fir eng Protectioun ze garantéieren an sou war d'Vertrauen bei den Détenuen schnell erëm do.

All dës Moosnamen hunn den Détenuen gewisen dass um Terrain grouss Efforten gemaach ginn sinn fir eng Protectioun ze garantéieren an sou war d'Vertrauen bei den Détenuen schnell erëm do.

4. All Détenu huet Recht op zwou Masken. Wat den desinfizéier Gel ugeet, ass et esou dass een deen net op all Unitéit kann fräi stellen, well den Risiko fir domader Abus'en ze dreiwien ze grouss ass vu dass den desinfizéier Gel jo eng héich Konzentratioun un Alcool huet. Et steet awer desinfizéier Gel iwwerall wou eng permanent Surveillance garantéiert ass.

5. All Giischercher hunn e Recht op Masken, Händchen, desinfizéier Gel a spezifesch sanitär Produkter fir hire Büro op enger professioneller Aart a Weis ze desinfizéieren.

6. All Prisonéier huet d'Recht ewéi all aner Persoun am CHL traitéiert ze ginn am Fall wou dësen Traitement am CPL net méiglech wier. De Prinzip vun der "équivalence des soins" gëtt ëmmer strikt an all Hypothese respektéiert.